Helperknapp, 21/01/2024

# Verkéierskommissioun vum 08/01/2024

## Presenzen

| Présent | Absent |
|---|---|
| Amaral Antonio<br>Bausch Pele<br>Eich Nico<br>Edert Rick<br>Fernandes José<br>Huberty Laurent<br>Kieffer Aloyse<br>Reding Marc<br>Sadler Marie (Sekretärin)<br>Scholtes Luc<br>Wampach Sandra | / |

### 1. Präsenzlëscht

Vu dass all d'Memberen do sinn, ass de Quorum fir d'Versammlung ze maachen areecht.

### 2. Validatioun vum läschte Rapport

De Rapport vun der Versammlung vum 25.10.2023 gouf unanime approuvéiert.

### 3. Réseau RGTR

D'Objektiv vun dësem Punkt war et, den RGTR Reseau an eiser Gemeng z'analyséieren an ze kucke wat verbessert kéint ginn.

Am Joer 2021 gouf et eng Reforme vum RGTR Reseau, déi 2022 a Kraaft getrueden ass.

Duerch Huelmes fiert just 1 Ligne, d'Ligne 932 (Miersch – Septfontaines). Dës Ligne fiert vu 05:30 – 08:30 : 1x/Stonn ; vu 08:30 – 14:30 1x/all 2 Stonnen ; vu 14:30 – 18:30: 1x/Stonn a vun 18:30 – 22:30: 1x/all 2 Stonnen. Hei war d'Iwwerleeung op dës Ligne net 1x/Stonn fuere sollt. Dës weidere gouf driwwer diskutéiert, op d'Ligne 941 (Ettelbréck – Tuntange) net sollt bis op Huelmes verlängert ginn.

Helperknapp, 21/01/2024

D'Iddi ass beschwat ginn, fir eventuell iwwer d'Gemeng e Sondage ze maachen, an deem d'Bewunner gefrot gi wat si um RGTR Reseau gutt fannen an wat misst verännert ginn. Fir d'Verbesserung vum RGTR Reseau, kéint een sech um Resultat vum Sondage orientéieren. Et gouf och driwwer diskutéiert, fir sech eventuell um Modell vun der CFL z'inspiréieren, z.bsp e puer "Schnell" Busser, déi net bei all Arrêt stoe bléiwen, a puer Bummelbusser, déi béi all Arrêt stoe bléiwen.

Et gouf zréck behalen, dass Kontakt mam RGTR opgeholl gëtt, fir ze kucken op si der Kommissioun eng Präsentatioun kéinte maachen, wéi eng Verännerunge méiglech wieren. Et géing sech em eng Präsentatioun iwwer den RGTR Reseau an der Géigend an an der Gemeng Helperknapp handelen. D'Iddi wier et, mat hinnen ze beschwätzen, waat ee kéint maache fir de Bus Reseau méi attraktiv ze maachen.

Fir déi nächst Versammlung soll jiddereen d'Lignen déi duerch säin Duerf fueren analyséieren a konkret Verbesserungsvirschléi proposéieren.

## 4. Schoulcampus: Kiss & Go

Am Moment sinn d'Parkinge ronderëm de Schoulcampus zu Brouch net accessibel fir Elteren oder aner Familljemembere vun de Kanner. No iwwer engem Joer wou de Campus lo funktionéiert, ass d'Kommissioun der Meenung dass ee kéint eng Testphase maache fir de Parking zu verschiddenen Auerzäiten nees accessibel ze maachen. Dës soll duerch eng gutt Sensibiliséierungscampagne méiglech gemaach ginn. Et kéint een de Parking vis-à-vis vun der Koll opmaachen: Dësen ass kleng an et ass en Zebrasträifen iwwer deen d'Kanner an d'Schoul goe kënnen. Et gëtt just eng gewëssen Unzuel vun Auto'en erlaabt.

D'Kommissioun wéilt dëst gär probéieren an ass der Meenung dass wann et net fonktionéiert, een de Parking nees séier zoumaache kann. D'Kommissioun freet wéi de Schäffen a Gemengerot zu dësem Sujet steet?

## 5. Divers:

- *Busarrêt am Marienthal:*

Dëse Busarrêt ass net beliicht a schlecht gezeechent. Et ass och keen Häisschen bei dësem Arrêt. D'Kommissioun freet op de Schäffen an Gemengerot beim Ponts et Chaussés eng Ufro, respektiv e Rappel, maache ka fir dëse Busarrêt ze beliichten a besser ze markéieren.

- *Refloktoren bei den Zebrastréifen:*



D'Kommissioun huet iwwer d'Sécherheet bei den Zebrasträifen diskutéiert an ass zur Konklusioun komm, dass esou Reflektere wichteg fir d'Gemeng wier. Dofir freet d'Kommissioun wéi de Schäffen a Gemengerot heizou steet. D'Kommissioun kann en Devis ufroe fir ze wësse wéi vill dëst géing kaschten.

Helperknapp, 21/01/2024

Betrëffend d'Zebrasträifen huet d'Kommissioun sech och gefroot wéi den Planning vun der Gemeng ass betrëffend den Embau vun Zebrasträifen no den néien Virschrëften? Wéini gett wéieen Zebrasträifen emgebaut?

Folgen Zebrasträifen goufe schon adaptéiert:

Bruch - route d'Arlon op Héicht vun der Kräizung mat der Maandelbaach

Bruch - rue de Buschdorf op Héicht vun deem klengen PAP

Bëschdrëf - an Uerbech op Héicht vum Haus N° 6

- *<u>Nächst Versammlung:</u>*

  Mëttwochs, den 20 Mäerz um 20:00 an der Koll zu Brouch